# Zum Zweehonnertste Gebuertsdag

1823  2023

vum

# DICKS





# Et wor de LÉIWECKELCHEN

oder:

d'MUMM SÉIS ass net doud ...... ze kréien! ower de Geescht !

## En "doud - eeschten" Zweeakter mat Musek, vum Yannchen Hoffmann & Carlo Hartmann

Et spillen Marcel Heintz, Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann. Op der Uergel de Louis Specogna

**21. Oktober 2023**
**20h00** (Entrée ab 19h00)

**Centre Culturel**
**zu Minsbech**

**10 €**
(an der Oweskeess)

d'Kulturkommissioun Schëtter

invitéiert Iech ganz häerzlech op:

# Et wor de LÉIWECKELCHEN

**D'MUMM SÉIS an den HEXEMEESCHTER, wie kennt se net? Oder deen ongléckleche KANONÉIER, deen d' Première 1856 emol net méi materliewe konnt ... Iwwerlieft hu just d' KETTY an de PÉITER, mee grad un déi zwee erënnert sech kee Mënsch méi. Abee, d'Yannchen an de Carlo krute vum DICKS perséinlech* den Optrag e lëschtegt Theaterstéck mat Musek a Gesank ze schreiwen. Wat koum derbäi eraus (well dat Geséngs war ni Hiert a mat der Musek stoungen se och ëmmer op Krichsfouss. ....): En TRAUERSPILL, 2 Akte laang...**

*well déi zwee si mëttlerweil schonn esou al dass se den DICKS op en Hoer nach perséinlech hätte kenne kennen ... oder kenne kënnen?)

**21. Oktober 2023**
**20h00** (Entrée ab 19h00)

**Centre Culturel zu Minsbech**

**10 €**
(an der Oweskeess)

Reservatioun vu Plazen per Mail un: kultur.schuttrange@gmail.com

## Wee spillt mat:



**Yannchen Hoffmann,** Mezzosopran. Studéiert Piano, Gesank, Oper, jee d'Musek an alles wat dermat zesummenhänkt zu Lëtzebuerg an un den Héichschoule vu Bréissel a Köln. Ass ab 1984 Gesangspädagogin hei zu Land. Hänkt 2005 dee Beruff gréisstendeels un de Nol a fänkt hir Gesangskarriär un. Bis haut huet si 21 Opere-Partië gesongen. Mam Carlo Hartmann zesumme grënnen si d'Opéra du Trottoir a.s.b.l. a bréngen en etlech vun de Spektakelen déi si am Ausland kennegeléiert hunn op Lëtzebuerger Bünen (Weisses Rössl, Orpheus an der Ennerwelt, Lustige Witwe, Carmen...) Mat quasi sämtleche spillbaren DICKS- Wierker waren si an alle Lëtzebuerger Theaterhaiser, vun der klengster Duerfbün bis an de Stater Theater. A gudder Erënnerung sinn nach hir spektakulär Solo-Lidder-Owender: (2017) LIEBE-TRIEBE am T.N.L. (Regie: Marion Rothhaar) an (2021/22) JE SUIS COMME JE SUIS am Mierscher Kulturhaus (Regie: Claude Mangen)

**Spillt am LÉIWECKELCHEN: d'Ketty, d'Lisebett an Mumm Aneleis**



**Carlo Hartmann,** Bariton. Léiert "Sangen" beim Carmen Welter-Jander, Ionel Pantea a Mike Rhodes. Theater an Dictioun beim Haidy Jacobi & Conny Scheel. No 21 Joer bei enger Lëtzebuerger Bank geet hien 1992 un de Staatstheater Saarbrécken a 5 Joer duerno gëtt hie fräien Artist. Tëschent 1998 an 2014 gastéiert hien an 72 Produktiounen (59 verschidde Partien!!) u 26 internationalen Operenhaiser (z.B. San Francisco, Tel Aviv, Kom. Oper Berlin, Wiener Volksoper ..). Mam Yannchen zesumme maachen si 16 Cabaret- & Showprogrammer echter d'Land (Titanic, Musical meet Classic, Banana-Show, De ganzen Dag Circus....). Den DICKS-Repertoire läit him ganz besonnesch um Häerz. Bei hinnen zu Chrëschtnech (Cabaret "Beim Rouden Hond") fanne vun Zäit zu Zäit Spektakele statt (z.B. den Heurigen-Seminar, Cabaret Filet Stroganoff, oder deemnächst de Georg Kreisler Programm: "WIR LEBEN NUR EINMAL...")

**Spillt am LÉIWECKELCHEN: de Péiter an de Pater Guddekaf**



**Marcel Heintz,** Schauspiller, Autodidakt. Opgewuess zu Birmereng. Steht - niewent sengem Beruff als Bankemployé - zanter 1971 op der Bün. Huet bis haut an 120 !!! Theaterstécker matgewierkt, dorënner: Alaska - Trilogie, Besuch der Alten Dame, Idioten-Dîner a vill anerer. Bei der "Opéra du Trottoir" si seng Optrëtter an der LUSTIGEN WITWE, als "Kääässer" am WEISSEN RÖSS'L a ganz besonnesch als "Styx" am ORPHEUS bis haut onvergiess. D'Theatere vun Déifferdeng, Esch, de Centaure, de Kasemattentheater, de Kapuziner hunn ëmmer nees op hien zréckgegraff wa speziell Charakteren erfuerdert waren. Och bei Filmer wéi: HEIM INS REICH, RUSTY BOYS oder De SUPERJHEMP RETÖRNS huet e matgespillt. War Member vum CABARENERT-Ensemble.

**Spillt am LÉIWECKELCHEN: den Edmond de la Fontaine**



**Louis Specogna,** onse Bühnentechniker + Orchesterchef vum O.P.L. (Orchestre Pipeau-phonique de Luxembourg) d.h. e bedéngt mat Bravour zanter 2017 déi grouss "WITTMANN-Konzertdrehorgel", déi de Carlo an d'Yannchen 2016 extra fir esou Spektakelen zu Wien baue gelooss hunn.

Ass vun Ufank un bei alle Produktioune vun der Opéra du Trottoir derbei gewiescht (z.B. de Koséng Klabis am Dicks sënge Kiermesaäscht)



CATERING:

Schëtter Theaterfrënn

Schëtter

